


# ALSTAD NEWS

Neigkeeten aus der Alstad

30/2020



Pierre Blanc : La « Emäuschen vers 1800 » (1929) – Huile sur toile : 105 x 90 cm – Collection privée



**Comité Alstad a.s.b.l.**

RSCL N° F4745

**ENG ZUKUNFT FIR ONS VERGAANGENHEET**

# Léif Frënn vum Comité Alstad !

## Al Traditiounen erëm opliewe loosse !



Et gëtt Fréijoer: Ouschteren ..... an domat steet och déi 193. Éimaischen an der Alstad virun der Dier.

De Comité Alstad ass prett, fir d' Éimaischen mat engem neie Péckvillchen an onse Faarwen orange a blo ze wierdegen. Eise Péckvillchen ass dës Kéier entwéckelt a produzéiert vun der Ligue HMC. Mir hunn och fir lech e Plateau « Létzebuerg Gebräicher » mat Zeechnunge vum Emile Probst, déi vun engem flotte Kalender stamen, deen d' Geschäft Reuter-Heuardt um Roude Pëtz fir seng Kondschaft 1953 erausgin hat.

Den aktuelle Chantier an der Fleeschiergaass gëtt fir d' Éimaischen zougemaach, an de Comité Alstad erwaart iech erëm wéi fréier um Rouscht (um Eck vu Fleeschiergaass a Rouscht). Esou brauche mir ons och dëst Joer keng Suerge fir d' Éimaischen ze maachen. Wann all déi Chantieren an der Alstad bis fäerdegen sinn, da kënne mir houfreg sinn op ons schéin Alstad.

Dëst Joer loosse mir och neess eng weider Traditioun fir Kleng a Grouss, aus den drëssegger Joeren opliewen : de Kasperltheater, mat engem Stéck vum Pit Vinandy an dem bekannte Bimbotheater, “D'Gespenster vum Fëschmaart” ( méi doriwwer an den nächste Säiten ).

Nieft deem Traditionellen innovéiert de Comité Alstad och a présentéiert op der 193. Éimaischen den éischten 3D-Péckvillchen am Verkaf !

Eng Partie gréisser nei Iddië si fir dëst Joer an der Maach, an amgaang mat der Gemeng a mam Kulturministère besprach ze gin. Heirop wärte mir nach zréckkommen. Mee hei schonn e puer Datumme fir sech ze mierken :

- 2. Abrëll: Konferenz “Éimaischen” am Kader vu 25 Joer Létzebuerg Patrimoine Mondial
- 26. Abrëll: Concert „Officium defunctorum Petrus Ernestus Comes de Mansvelt“
- 3. Juli: Daf vun der Rous “Lucilin” um Rampart
- 26.– 29. November: Opféierung vum musikaleschen Theaterstéck „Jean Chalop 1443“ am Stater Conservatoire..... e bëssche Spannung muss jo och nach bleiwen!

An deem Sënn wünsche mir lech elo scho schéin Ouschteren a freeën ons, lech op der 193. Éimaischen (Ouschterméindeg, den 13. Abrëll) den erëmzegesinn.

Guy Jourdain  
President



# 193. Émaischen um Fëschmaart

## E Plateau « Lëtzebuerger Gebräicher » mat Zeechnungen vum Émile Probst



Den Emile Probst, gebuer de 15. Oktober 1913 zu Veianen, a gestuerwen den 2. Dezember 2004 an der Stad Lëtzebuerg, war e bekannte lëtzebuergesche Graphiker, Glasmoler, Karikaturist an och Publizist. Hie war de Brudder vum Moler Joseph Probst.

Den Emile Probst huet zu Bréissel an zu Düsseldorf Konscht stodéiert. Virum zweete Weltkrich bis 1941 huet en an enger Dréckerei geschafft, an 1945 war hien de Grënner vun der Revue. Vun him stamen eng 120 Entwërf fir Kiercheglasmolereien zu Lëtzebuerg an am noen Ausland, wéi zum Beispill déi grouss faarweg Fénster an der Fëschbecher Kierch bei Miersch, iwwert der Entrée

tëscht der Virhal an dem Kiercheraum. Si gouf 1957 vun der Firma Linster Frères vu Munneref realiséiert.

Op der Frankfurter Bicherfoire goufen ufanks de 1960er Joren e puer Editeuren op seng Zeechnungen opmierksam, an hunn hien énnner Kontrakt geholl. Doropshin si ronn 650 Kanner- a Jugendbicher a verschiddene Sproochen erauskomm, vun deenen hien der 25 selwer illustréiert hat.

Den Emile Probst gouf am Abrëll 1936 mat der Textilkënschtlerin Denise Massin bestuet, mat där hien en Atelier zu Bréissel hat.

D'Geschäft Reuter-Heuardt um Roude Pëtz hat fir seng Kondschaft fir Neijoersdag 1953 e flotte Kalenner mat verschiddene Lëtzebuerger Gebräicher opgeluecht. Mir hunn 3 vun dësen Zeechnungen erausgesicht: « Léiwer Hergottsbliesschen », « D'Klack laut éischt » an « Op der Émaischen », a proposéieren lech déi 3 als Motiv op engem rechteckege Plateau (33 x 23 cm). - Eng kuerz Beschreibung op lëtzebuergesch, franséisch, däitsch an englesch leit derbei.

Bestelle kann een de Plateau vun elo bis den 8. Abrëll 2020 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vu 35 Euro pro Plateau op onse Kont bei der Spuerkeess

**IBAN LU64 0019 1755 0897 0000 mam Vermierk:  
Lëtzebuerger Gebräicher.**

E schéine Plateau, op deem e puer Kichelcher, e puer Stécker Schokela sech gutt maache fir nomëttes beim Kaffi.

## Och dëst Joer e flotten neie Péckvillche vum Comité Alstad

Mir bleiwen onser Tradition trei, a bidden lech en neie Péckvillchen un an onse Faarwen orange a blo. Mir si ganz houfreg, dass mer och dëst Joer onse Péckvillche konnte mat der Ligue HMC realiséieren.

De Péckvillche ka bis zum 8. Abrëll 2020 beim Comité Alstad bestallt ginn duerch Iwwerweise vu 25 Euro pro Péckvillchen op onse Kont bei der Spuerkeess

**IBAN LU64 0019 1755 0897 0000  
mam Vermierk: Péckvillchen 2020**



Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Plateau, an och de Péckvillchen Ouschterméindeg, den 13. Abrëll 2020 op der Émaischen um Fëschmaart um Stand vum Comité Alstad, vu mueres 08:00 bis 17:00 Auer.

Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d' Méiglechkeet, seng Bestellung bei ons am Büro op N° 14 an der Siegfriedstrooss (dat fréiert Paschtoueschhaus vu St. Méchel, vis à-vis vum Staatsrot) um Fëschmaart, vum 14. Abrëll bis den 21. Abrëll 2019 ofzehuelen, vu mueres 09:00 Auer – 12:00 Auer.



Am Kader a mat dem Label vu **25 ANS LËTZEBUERG PATRIMOINE MONDIAL** invitíere mir lech op eng Konferenz

den 2. Abrëll 2020 um 18:00 Auer am Lëtzebuerg City Museum mam Thema:

## D'Éimaischen

Conférencier Guy Jourdain, President vum Comité Alstad  
D'Gedicht "Éimaischen" vum J. H. Wachthausen  
gëtt virgedro vum Claude Humbert  
illustriert gëtt d' Konferenz  
mat Fotoë vun der Éimaischen vu fréier a vun haut

Den Entrée ass frei

\*\*\*\*\*

1938 an och 1939, an den Ufanksjoere vum Comité Alstad, gouf et op Ouschermeinde am Musée um Fëschmaart fir déi Kleng e Kasperltheater. Deemols huet d'Entrée fir d' Kanner 10 Sous kascht, an 1 Frang fir déi Grouss.

No 80 Joer hu mir déi Traditioun erëm opgegraff, an invitíieren heimat all kleng a grouss Frénn vum Bimbotheater op eng Virstellung Ouschermeinde, den 13. Abrëll 2020 um 15:00 Auer am Musée um Fëschmaart.

## Gespenster vum Fëschmaart

Geschichten aus der Alstad Lëtzebuerg

(Comité Alstad an Zesummenarbecht mat dem Musée vun der Geschicht a Konscht an dem City Tourist Office)



E Geeschterhond dreift um Fëschmaart an der Alstad säin Onwiesen. An da leeft op eemol och nach eng onheemlech Fra, ganz a wäiss gekleet, iwwert d'Festungsmaueren! Dëst ass e Fall fir de Professer Wiltheim. Kann hie mat Hëlf vum Bimbo an senge Kollegen dëse Mysterium léisen?

Eng lëschteg Geschicht fir d' ganz Famill. Geschriwwen vum Pit Vinandy, an der Tradition vum Max a vum Medi Geiben. Et spinnen den Oliver Kayser an de Pit Vinandy.

Wéini a wou?

**Ouschermeinde, den 13. Abrëll 2020 um 15:00 Auer  
am Musée vun der Geschicht a Konscht um Fëschmaart**  
**Den Entrée ass frei**

## Fir ons kleng Frënn

Op der Éimaischen vun 10:00 Auer un, ass d'Valentina Becker do, eng professionnel Make-up-Artistin a Member vum Comité Alstad, fir gär a gratis onse klenge Frënn e flotte Face-painting ze verpassen. Fir weider Informatiounen iwwert d'Valentina Becker: [www.valentinabecker.com](http://www.valentinabecker.com)

Seit e puer Joer hu mir och erëm en ale Brauch ausgegruewen, an zwar « Eeërschëllen », dat 1982 fir d'lescht vun de Kanner gespillt gouf. Eeërschëllen ass e Brullen (erof rulle loossen) vun Eeër iwwert eng Holzschinn. Wann een da mat sengem Ee eent vun deenen Eeër, déi um Buedem leien, téckt, dann huet een dat gewonn. Vun 10:30 Auer bis keng Eeér méi do sinn, ass all Kand invitéiert, fir mat ze spinnen nieft dem Stand vum Comité Alstad um Rouscht.

## La maison Lanser

### L'immeuble à l'angle de la rue Sigefroi et la rue Wiltheim



Photo: © I. Yegles

Cette maison bien connue, puisqu'elle avait intégré l'ancienne clinique Saint-Joseph avec son bloc opératoire et ses chambres pour malades dans le temps, a retrouvé depuis une bonne dizaine d'années son ancienne fonction de maison d'habitation et de commerce.

A quand remonte cette maison enduite d'une belle couleur jaune-ocre surmontée d'une toiture en pente raide ?

Le parcellaire est déjà construit d'après le plan Deventer qui date de 1560. Or, ce parcellaire est aligné avec la maison avoisinante sise du côté du Conseil d'Etat. Aujourd'hui, ceci est seulement vrai au niveau des caves. La maison avoisinante de Feller est placée en retrait, dont l'historique a été présenté dans le dernier bulletin du Comité Alstad.

La maison d'angle s'avance à un certain moment sur la rue Sigefroi. Ce moment précis est connu grâce à la datation des cernes de croissance du bois de la charpente de l'immeuble qui remonte vers 1618. C'est la preuve que la bâtie n'a pas été fortement endommagée lors du siège militaire de la ville en 1683/84 et qu'elle était encore bien conservée, malgré les transformations réalisées au fil du temps.

La maison qu'on voit en élévation est donc une construction du début du XVII<sup>e</sup> siècle. A l'époque, la maison devait paraître monumentale puisque son socle en pierre de taille était sans doute visible. La pierre de taille, aujourd'hui recouverte par l'enduit, était présente jusqu'aux banquettes des fenêtres du 1<sup>er</sup> étage. Ce type de construction qui peut rappeler les demeures patriciennes d'Italie, n'est pas unique dans la vieille ville, puisque la maison d'angle de la rue de Boucherie et de la rue du Rost, intégrée dans la propriété de l'Etat du Palais grand-ducal, présente des similitudes au moment du décapage de sa façade. Mais les goûts ont changé au fil du temps. Les pierres ont été piquetées et l'enduit est venu recouvrir également le soubassement, peut-être déjà au XVIII<sup>e</sup> siècle.

Au début des années 2000, la maison d'angle a été rénovée selon les plans du bureau ARCO architecture company. Les travaux ont été accompagnés d'un suivi archéologique. Les fouilles dans la cave ont pu attester sa fonction de cave à vin au Moyen Age. L'exposition « Archéologie urbaine » montrée dans l'aile Wiltheim du Musée national d'histoire et d'art, présente des morceaux d'anciens robinets de fûts de vin.



Photo: © Photothèque de la Ville de Luxembourg

## Fonctions et habitants à partir du XV<sup>e</sup> siècle

Clais Houst, dont la maison était située au vieux marché, était le justicier de la ville à la fin du XV<sup>e</sup> siècle. Il fait partie des commerçants et négociants les plus fortunés de la ville grâce au commerce du vin. Son petit-fils Antoine Houst est entré dans l'histoire locale pour avoir été le promoteur de l'établissement des Jésuites à Luxembourg qui ouvrent le collège en 1604. Il est conseiller au Conseil provincial, dont le bâtiment était situé en face, sur l'actuel parvis du musée. Son héritage passe à ses filles. Sa fille Eve se marie à Augustin Lanser. Le constructeur de la maison d'angle devrait donc être Augustin Lanser. La propriété reste dans cette famille de juristes (avocat, procureur général, conseiller au Conseil provincial) jusqu'en 1760. Elle est vendue au maître drapier, Jean-Baptiste Vandernoot, marié à Barbe Reuter. C'est la famille Coster et Debiké, veuve Vandernoot, qui reçoit la maison en 1842. Au rez-de-chaussée, le café « de la concorde » est exploité par Jeanne Schlinck et Bernard Coster. Le café existe encore la Belle Epoque. Pour certains, son nom évoque la bonne entente ou l'union des volontés pour d'autres, ce nom pourrait faire allusion à la loge maçonnique « des enfants de la concorde fortifiée », constituée en société littéraire en 1818 et établie dans le quartier. La maison est vendue à Alexandre Moreau en 1869, puis à Holbach en 1898, ensuite à Schmit et Michaëlis pour devenir la propriété des sœurs de la Charité Saint-François d'Assise en 1903. Les sœurs cèdent leur bien à l'établissement public, le Fonds de rénovation de la Vieille Ville, en 1998.

Après la rénovation par le Fonds, des logements de différentes tailles sont aménagés et vendus en 2005 tandis que le rez-de-chaussée, d'abord loué puis vendu, en 2017, est actuellement occupé par les galeries d'art contemporaines Valerius Gallery et Nosbaum Reding.

Isabelle Yegles-Becker

Pour approfondir le sujet :

Yegles-Becker Isabelle, Kieffer Pierre, Pauly Michel, La corniche Nord de la vieille ville de Luxembourg, Architecture, Archéologie et Histoire, Imprimerie Centrale, Luxembourg, 2017.



Collection : MNHA

Eglise St. Michel  
Dimanche, le 26.04.2020  
à 16:45 heures

Concert  
**« Officium defunctorum  
Petrus Ernestus  
comes de Mansvelt »**

Avec la participation de la  
Chorale Saint-Michel  
direction Gerry Welter  
L'ensemble The Art of Music  
direction Mick Swithinbank  
&  
Orgue : Stefanie Duprel

Au programme des œuvres de (ca. 1548–1611) • Sebastian Aguilera de Heredia (1561–1627)  
• Alonso Lobo (1555–1617) • Philippe Rogier (ca. 1560–1596) • Antonio de Cabezón (1510–1566) • Nicolas Gombert (Ca. 14920–ca. 1556) • Christobal de Morales (1500–1553)  
• Jan Pieterszoon Sweelink (1562–1621) • T. L. de Victoria (ca. 1548–1611)

Entrée 25,00 €

Réservez dès maintenant au téléphone : 46 61 88 ou par E-mail : comite.alstad@pt.lu




05.01.1921 – 05.01.2021  
*Jean Grand-Duc vu Lëtzebuerg*



## 100 Joer Grand-Duc Jean

### Erënnerung un de Grand-Duc Jean



2021 sinn et 100 Joer hier, datt de Grand-Duc Jean (vun de Lëtzebuerger och gär « Onse Jang » genannt) zu Colmer-Bierg op d'Welt koum.

De Comité Alstad wëllt am Juni 2021 mat enger grousser Ausstellung an der Spuerkeess, am fréieren Arbedsgebai, an der Neier Avenue un Hien erënneren. Duerno soll d'Ausstellung nach en Tour duerch verschidde Gemenge vum Land maachen, fir do gewisen ze ginn.

Mir wieren elo frou wann Dir ons hëllefe kéint. Mir siche Fotoen, Filmer, Biller, Objeten, je alles, wat mat dem Grand-Duc Jean ze dinn huet. Wann Dir esou Sachen hutt, an Dir sidd gewëllt, ons déi zur Verfügung ze stelle fir d'Dauer vun der Ausstellung, da rufft ons un op der Telefonnummer 466188.

Et versteet sech vum selwen, wann Dir ons är Saache léint, datt mir déi mat der gréisster Suergfalt behandelen, an Dir och är Saachen zréckkritt. Mir maachen mat lech e Kontrakt, an är Saache ginn och gutt verséichert.



S. A. R. Le Prince Héritier Jean de Luxembourg  
Foto: E. Gobbi - L'Europe



# Perséinlechkeeten aus der Alstad

## Lambert Schaus (1908–1976)

De Lambert Schaus, Jong vun engem Bijoutier vum Fëschmaart, gouf gebuer op engem Samschdeg, den 18. Januar 1908 an der Stad um Krautmaart.

No der Primärschoul an dem Kolléisch huet de Lambert Schaus no 1927 Jura studéiert zu Toulouse, Alger, Grenobel, Paräis a Bonn. Während sengen Studiën wor hie President vun der internationaler Federatioun vun de kathoulesche Studenten, Pax Romana, an där hien nach weider matgeschafft huet bis 1940.

Vun 1932 bis 1952 a vun 1973 bis 1976 wor de Lambert Schaus Affekot bei der Cour d'Appel, a vun 1964 bis 1973 wor hie beim Lëtzebuerger Barreau ageschriwwen. Vun 1935 un huet hien d'Rietspartei am Stater Gemengerot vertrueden.

Dem Lambert Schaus louch d'Alstad émmer um Häerz. Ufanks den drësseger Joeren huet et geheesch "D'Émaischen stierft, d'Émaischen ass dout". A fir dat ze verhënneren huet de Lambert Schaus mat sengem gudde Frënd, dem Georges Schmitt (Conservateur am Fëschmaarter Musée) an anere Frënn vun der Alstad am Joer 1937 den "Organisationscomité fir d'Émaischen" an d'Liewe geruff, aus deem spéider de Comité Alstad entstan ass.

1941 gouf de Lambert Schaus vu sengen professionellen a politeschen Fonktiounen enthuewen, well hie sech gewiert huet, an dee vun Däitschland aus gesteierte Rechtswahrerbund, deen d'Annexion vu Lëtzebuerg énnerstëtzzt huet, anzetryden. Doropshin gouf hie vun der Gestapo verhaftt. Hie koum an de "Reichsarbeitsdienst" an huet missen op der "Reichsautobahn" zu Steiningen bei Daun schaffen. D'Gestapo huet hien 1942 an d'Landratsamt op Cochem versat, an 1943 gouf hien an d'Lager vun Nestomitz am Sudeteland deportéiert. Spéider koum hien an de Schwarzwald.

Dem Lambert Schaus seng politesch Carrière ass 1944 weidergaang : 1. Scheffe vun der Stad, an duerno als Députéierte gewielt op der CSV-Lëscht. 1946 gouf hie Minister mam Ressort Ravitaillement a Wirtschaft, an 1947 zousätzlech Arméiminister. De 4. August 1948 huet hien awer d'Regierung verlooss, a gouf Member vum Staatsrot bis den 19. Januar 1953. Vun 1955 bis 1958 gouf de Lambert Schaus Ministre Plénipotentiair, a vun 1968 bis 1973 huet hien als Botschafter zu Brüssel Lëtzebuerg vertrueden.

Et sief awer och nach ze soen, datt de Lambert Schaus de 25. Mäerz 1957 de Vertrag vu Roum fir Lëtzebuerg énnerschriwwen huet. Vun 1958 bis 1967 wor hie Member vun der « Communauté européenne du charbon et de l'acier », a vun 1967 bis 1973 huet hie seng Hémecht als Ambassadeur bei der Nato vertrueden.

De Lambert Schaus, deen dem Comité Alstad émmer trei bliwwen ass, wor vun 1955 bis 1976 President vum Kiercherot vun der Por Sankt Méchel.

De Lambert Schaus wor och ganz aktiv um literaresche Plang. Während senger Paräisser Studienzeit huet hien ugefaang Artikelen ze schreiwe fir d'Académie an en huet a verschiddenen Theaterstécker matgebillt. Als Vizepräsident vun der Stater Theaterkommissioun huet hie vill beigedroe fir d'kulturell Liewen nees opzebauen.

No 1945 huet de Lambert Schaus seng Gedichter-Sammlung « Lidder aus dem Exil » publizéiert. De Fernand Mertens huet 'Le'wen hellegen Nikleeschen' an 'Chrëschtliddchen' vertount. Fir 'Mir schaffen op de Stroossen' huet de John Thillens d'Musek komponéiert.

De Lambert Schaus ass den 10. August 1976 gestuerwen. Hie gouf um Nikloskierfech begruewen.

Comité Alstad a.s.b.l.  
RSCL N° F4745

Büro: 14, Siegfriedstrooss • L-2536 Lëtzebuerg

Postadress: Postkëscht 830 • L-2018 Lëtzebuerg

Telefon: 46 61 88 • E-Mail: comite.alstad@pt.lu • www.comitealstad.lu